N°3886
Entrée le 08.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.04.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

No Schätzunge vun der Europäescher Aarbechts Autoritéit aus dem Joer 2023[1] huet d'Schwaarzaarbecht zu Lëtzebuerg 2019 ronn 6,7 % vun der gesamter Aarbecht am Privatsecteur ausgemaach. Zousätzlech hunn am Eurobarometer 2019 32 % vun de Befroten zu Lëtzebuerg uginn, perséinlech een ze kennen, dee säin Akommes ganz oder deelweis net ugëtt.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister gär follgend Froe stellen:

- Wéi sinn d'Kontrollmechanismen zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Schwaarzaarbecht organiséiert?
- Wéi gesäit déi aktuell Situatioun zu Lëtzebuerg aus, wat d'Schwaarzaarbecht ugeet? Wéi vill Kontrollen a wéi vill Verstéiss goufen an de leschte Joren festgestallt?
- A wéi enge Secteuren oder Beräicher goufen an de leschte Joren am meeschte Verstéiss registréiert, wat Schwaarzaarbecht ugeet?
- Wéi eng präventiv Initiativen oder Moossname ginn et a Lëtzebuerg, fir Schwaarzaarbecht ze verhënneren?
- Wéi eng administrativ oder penal Sanktioune sinn am Fall vun esou engem Verstouss virgesinn, a wéi dacks goufen dës an der Praxis applizéiert?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten

[1] European Labour Authority. (2023, Mäerz). *Factsheet on undeclared work – Luxembourg March 2023*. https://www.ela.europa.eu/sites/default/files/2024-02/LU-UDW_factsheet-2023-fin.pdf

#ZESUMMEN#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu